N° 2452
Luxembourg, le 13.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

A menger Fro n°185, hat ech den Inneminister den 11te Februar gefrot, ob d'Regierung de Wee wéilt goen, fir dass Gemengepolitiker:innen an Zukunft de Congé parental kéinten huelen. Den Inneminister hat geäntwert, dass en net direkt de Wee vun engem Congé parental fir Gemengepolitiker wéilt fueren, well:
*"D'Ausféierung vun engem Mandat ass e politescht Engagement an deemno net gläichzestelle mat enger klassescher Aarbechtssituatioun."* Et wéilt een de Wee fueren iwwert de Statut social vum Élu local. *"An do wäerte mer an den nächste Méint och nach eng Kéier méi intensiv souwuel mam Syvicol wéi och mat den Acteuren um Terrain doriwwer schwätzen."*

An engem WORT-Artikel vum 12te Juni 2025 schwätzt sech d'CSV-EU-Deputéiert Martine Kemp fir de Congé parental fir d'EU-Deputéierten aus:
*"Es ist nicht länger akzeptabel, dass man sich zwischen politischer Verantwortung und Familie oder Gesundheit entscheiden muss." & "Ich begrüße diese Ankündigung, da im Europäischen Parlament endlich ein sozialer und familienfreundlicher Rechtsrahmen geschaffen wird."* D'CSV-DP-Regierung huet an hirem Koalitiounsaccord méi Zäit fir d'Famill ugekënnegt a wëll de Congé parental weider promouvéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung zu Lëtzebuerg eng Auszäit, am Stil vum Congé parental, fir kommunal Mandatsdréier aféieren?

2. Wéi sinn déi intensiv Gespréicher mam SYVICOL ofgelaf a wat ass fir déi nächst Méint geplangt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vum Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn, op d'parlamentaresch Fro n°2452 vum 13. Juni 2025 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "Congé parental pour les élus communaux".

Wäert d'Regierung zu Lëtzebuerg eng Auszäit, am Stil vum Congé parental, **fir** kommunal Mandatsdréier aféieren?

Fir Urecht op Congé parental ze hunn, muss ee während mindestens 12 Méint virum Ufank vum Congé parental eng professionnell Aktivitéit ausgeübt hunn an der Sécurité sociale affiliéiert gewierscht sinn.

All Gemengeconseiller oder Gemengeconseillère, dee sech an enger Aarbechtsrelatioun befënnt an doduerch och Recht op Congé politique huet fir säi politescht Mandat auszeüben, profitéiert schonn haut vun den Aarbechtsrechter aus dem Code du travail, ënner anerem och d'Urecht op de Congé parental[1]. Konkret heescht dat, dass all Gewielten, dee sech haut an enger Aarbechtsrelatioun oder ähnleches befënnt an e politescht Mandat ausübt, Recht op all déi verschidden Congés extraordinaires huet.

E Gemengeconseiller oder eng Gemengeconseillère, déi sech net an enger Aarbechtsrelatioun befannen, mee iwwert en anere Wee sozial veréchert sinn a cotiséieren, kënnen, ënnert verschidde Konditiounen, och Urecht op Congé parental hunn.

Wéi sinn déi intensiv Gespréicher mam SYVICOL ofgelaf a wat ass fir déi nächst Méint geplangt?

Nodeems déi verschidde Cas de figuren établéiert gi sinn, ass fest gestallt ginn, dass de Besoin fir en eegene Régime vu Congé parental fir déi lokal Gewielten ze schaafen net ginn ass.

Donieft wäert d'Regierung, wéi am Koalitiounsaccord festgehalen, de Congé parental weider promouvéieren an en zousätzleche generelle Modell vun néng Méint aféieren.

Lëtzebuerg, den 16. Juli 2025
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden

[1] Règlement grand-ducal modifié du 6 décembre 1989 concernant le congé politique des bourgmestres, échevins et conseillers communaux, *« Art. 6. Le congé politique est considéré comme temps de travail effectif. Pendant la durée du congé politique, les dispositions légales en matière de sécurité sociale et de protection de l'emploi restent applicables. (...)* ».